Merci Madame Buergermeeschter fir d'Wuert.

Dir Dammen, dir Hären, léif Memberen aus dem Schäffen- a Gemengerot, léif Nolauschterer.

Als aller éischt wéilt ech der Buergermeeschtesch an allen Bedeelegten Merci soen fir d'Opstellung vum Budget. Et ass den éischten Budget deen d'Handschrëft vun onser néier Buergermeeschtesch an hirem Schäfferot dréit. Dëst ass eng schwéier, deelweis komplex Aufgab déi D'Madame Adehm mat vill Courage vun hirem Virgänger, dem Marc Lies, iwwerholl huet. De fréieren Buergermeeschter huet ons no 16 Joer eng Gemeng ouni Scholden mat ganz villen modernen Infrastrukturen a Servicer fir ons Awunner iwwerlooss.

Dir Dammen, dir Hären; wéi den Här Leven virdrun gewisen huet, gëtt den Ordinären Budget 2026 zu 83% vum FDGC an ICC gespeist.

Den FDGC, also den Fonds de dotation globale des communes, ass awer un d'Bevëlkerungszuel gekoppelt. Ech kommen gläich dorop zeréck firwat grad dës Relatioun esou wichteg ass.

Traditionell gesinn kënnt also den Haaptundeel vun onsen Recetten iwwert de Staatsbudget. Geet et dem Staat gutt, da geet et de Gemengen gutt. De PIB vum Land ass an de leschte Joren an d'Luucht gaang, awer fir déi nächst 10 Joer rechnen Experten mat enger Stagnatioun oder optimistesch gesinn mat engem flaachen Verlaf. Dat mierkt een elo och schonns un den Zuelen an dësem Budget am Verglach mat deenen aus der Vergaangenheet.

Déi lescht Joren ass de PIB an d'Luucht gaang well ëmmer méi Leit hei am Land schaffen, an déi haaptsächlech aus der Groussregioun kommen. Dës noutwenneg Entwécklung ass am gaang ofzeflaachen well Lëtzebuerg un Attraktivitéit verluer huet. Grënn heifir ginn et der leider ëmmer méi; de Stau op de Stroossen, de Logement mat héijen Präisser an der Locatioun wéi och am Verkaf, oder d'Mindestloun Erhéijung am Ausland. Esouwuel beim Stau wéi och bei de Präisser am Logement kënnen mir hei zu Hesper e Lidd dozou sangen. D'Madame Probst vum Office sociale huet virdrun de Problem am Logement och ënnerstrach.

Den 28. November war am Kader vun der Kris am Bausecteur en Artikel am Wort mat dem Titel "Portugiesen verlassen Baustellen in Luxemburg" wou notéiert war dat d'Zuel vun den portugiseschen Arbëchtskräften tëschent 2022 an 2025 em 2430 Persounen, wat ëmmerhin ronn 15% sinn, zeréck gaangen ass. Elleng dëst ass eng grouss Zuel un wäertvollen Persounen déi dem Land verluer goufen an et sinn dëst éischt Unzeechen vun enger negativer Entwécklung déi net ze ënnerschätzen ass.

De Bankesecteur ass nach ëmmer de staarken an dynameschen Motor vun onser Ekonomie awer engem ganz wichtegen Secteur nämlech dem Bausecteur an deem domat verbonnenem Handwierk geet et schlecht. Et ass keng Besserung an Aussiicht an d'Noriichten vun Faillitten am Secteur heefen sech.

Och hei op der Gemeng sinn Demanden fir Baugeneemegungen weider réckleefeg.

Ouni gréisser Ustrengungen an Ureizer fir de Bausecteur ze ënnerstëtzen kënnt d'Land net aus dësem "Cercle vicieux" eraus.

Fir wat leeën ech am Ufank vun menger Ried esou e groussen Wäert op dës Entwécklung? Ma d'Konsequenz vun all deem ass dat wann manner Wunnengen gebaut ginn an Demande grouss ass, d'Präisser héich bleiwen. D'Resultat heivun ass dat Lëtzebuerg oninteressant gëtt an de néidegen Zouwuess vun noutwendegen Aarbechtskräften ausbleift, wat en direkten Afloss op de PIB huet. All dës Facteuren hunn dann als Folleg eng Stagnatioun rsp. e Réckgang vun den Dotatiounen vum Staat déi, wéi schonns gesot, 83% vun de Recetten an onsem ordinäre Budget ausmaachen.

Wéi et och an de leschten Joren hei op der Hesper Gemeng Praxis war, ass bei den Depensen am ordinäre Budget Virsiicht gebueden fir mat dem Iwwerschoss den Extraordinäre Budget speisen ze kënnen an esou den néidegen finanzielle Spillraum fir néideg Projeten ze hunn. An dowéinst ass et ëmmer méi wichteg op der Säit vun den Depensen och d'Personalkäschten ferm am Aen ze behalen.

Mat dem Budget gëtt de Schäfferot sech d'Moyenen fir iwwert e Joer Projeten ze realiséieren. Fir d'Realisatioun brauch een awer och intern déi néideg qualifizéiert, kompetent a loyal Mataarbechter respektiv et gräift een zousätzlech op extern Bureauen zeréck.

Vertrauen ass gutt, Kontroll ass besser. Dat huet d'Vergaangenheet ons leider schmäerzhaft geléiert. Dëst gëllt och bei den extern Firmaen a Bureauen. Et kann een sech net ëmmer zu 100% dorop verloossen dat Projeten ouni gréisser Iwwerraschungen ëmgesat ginn, an dëst esouwuel techneschen wéi och finanziell gesinn. Besonnesch bei deieren Projeten kënnen Depassementer vun e puer Prozent ganz schnell an d'Milliounen schloen. Do heescht et d'Rudder fest an der Hand ze hunn a permanent sech iwwert d'Situatioun an d'Projeten ze informéieren ewéi och Verschiddenes a Fro stellen.

Well ech no 35 Joer als Enseignant d'Problematik vun der Beruffsausbildung gutt kennen, fannen ech et ganz luewenswäert dat d'Gemeng zur Zäit 4 Apprentisen d'Méiglechkeet gëtt en Deel vun hirer Ausbildung hei op der Gemeng ze maachen. Déi 4 stellen ëmmerhin e bëssen méi wéi 1% vum Personal duer. Et wier ubruecht dat aner Gemengen a Servicer beim Staat op de selwechte Wee géinge goen an net einfach fäerdeg ausgebilte Mataarbechter dem Privatsecteur eweg huelen.

Wat de Beräich vun der Mobilitéit ugeet, kann ech, als fréieren Mobilitéitsschäffen, positiv feststellen, dat de Schäfferot sech déi Finanziell Moyenen gëtt fir de Car sharing System Flex an de Velo'OH auszebauen. Parallel gëtt weider um Ausbau vun de Vëlospisten geplangt. Mir wënschen ons alleguer dat d'Realisatioun vun den 3 Projeten, déi de leschte Schäfferot lancéiert huet, net all ze laang op sech waarde léist. Awer dat ass um Pabeier méi einfach wéi an der Realitéit. Zousätzlech proposéieren ech dem Mobilitéitsschäffen e bestëmmte Projet erëm opzehuelen un deem schonns onse Virgänger, den Här Aly Thull geschafft hat. Nämlech d'Verbindung Alzeng mat dem Duerf Zentrum vun Contern, dëst iwwert d'Langheck an Beiren. Virun Joren konnt d'Gemeng Hesper op hirer Säit déi néideg Terrainen kafen. Contern soll hirer säits déi néideg Acquisitioun viru Kuerzem och ofgeschloss hunn, esou dat et gutt wier fir hei Kontakt mat dem neien Schäfferot opzehuelen.

Nodeems de Bureau Schroeder & Associés d'Resultater aus den eenzelnen Workshoppen iwwert Thema Mobilitéit präsentéiert huet, steet elo déi dach schwéier Aufgab un, realistesch Mesuren ze sichen an ëmzesetzen. Do wäert leider och ëmmer eng gewëssen Diskrepanz tëschent der gewënschter an der realiséierbarer Léisung sinn.

Wat de gewënschten Ausbau vum Citybus ugeet, wäert d'Ëmsetzung net einfach sinn, besonnesch well d'Verkéierssituatioun hei zu Hesper zäitweis ganz problematesch ass an de Service nëmmen dann vun den Awunner genotzt gëtt, wann dësen zouverlässeg a pénktlech zirkuléiert. E Citybus deen parallel zu de sëllechen RGTR Linnen fiert, an am Stau steet, ass wuel schwéier als Alternativ ze gesinn an ze bezuelen. Dat ass e richtegen casse tête.

Well d'Offer vum Alzenger Citybus, nämlech fir sech innerhalb vum Quartier op e gutt ugebonnenen RGTR Arrêt op der route de Thionville féieren ze loossen, net den erwaarte Succès bei den Awunner huet, muss een sech no der Testphase d'Fro stellen ob et net besser wier fir de Service zäitno anzestellen. Am Platz vum Citybus kéint en Ausbau vum Flexibus eng méi attraktiv Offer duerstellen.

D'Ville de Luxembourg huet hir Präisser fir d'Buslinnen déi op onsem Territoire fueren vun 300'000 € op 1'00'000 € erop gesat. Hei war zënter 2007 awer och keng Upassung méi gemaach ginn. Et wier

ubruecht fir déi Offer ze iwwerdenken an mat engem Citybus eventuell en Deel vun dësem Service ze iwwerhuelen an auszebauen.

D'Zuelen am Budget weisen dat de Schäfferot bestrieft ass fir en Deel vun der Mobilitéitsproblematik ze léisen an dëst mat deenen, dach deelweis bescheidenen Mëttelen an verkéiers technesch korrekten Méiglechkeeten déi zur Verfügung stinn. Déi grouss Verbesserung vun der Liewensqualitéit hei am Zentrum vun Hesper kënnt awer nëmmen mat der Realisatioun vum Contournement. An do ass et wou de Schäfferot de Kontakt mat der responsabeler Ministesch, wou hei ëmmerhin e kuerzen an enken Drot besteet, op sicht a permanent um Ball bleift fir dat de Staat an dësem Dossier net nach weider wäertvoll Zäit verléiert.

D'Attraktivitéit vun Lëtzebuerg an d'Produktivitéit also de PIB hänken och vun dësem Contournement of.

Zum Schluss wëll ech nach kuerz zwee weider Punkten beliichten.

Wann ech bei menger Introduktioun vun der crise am Bausecteur geschwat hunn, da begréissen ech dat déi finanziell Mëttelen bereet gestallt ginn fir weider un der Ëmsetzung vum PAP NQ "An der Säitert" zu Alzeng ze schaffen, an der Hoffnung dat dann och Zäit no d'Baggere rullen fir de Bausecteur ze ënnerstëtzen an déi dréngend néideg Wunnengen ze bauen. Faktoren déi ech an der Introduktioun beliicht hunn.

Wat d'Bautereglement selwer ugeet ass et un der Zäit dëst erëm eng kéier op de Leescht ze huelen an den aktuellen Situatiounen unzepassen. Besonnesch wat d'Reglementatioun iwwert d'Kreatioun vun den dach méi lukrativen "chambres meublées" ugeet, ass Handlungsbedarf well d'Gefoer besteet dat aktuell Wunnquartieren destabiliséiert ginn.

Fir zukünfteg Entwécklungen méiglech ze maachen a laangfristeg strategesch Ziler unzegoen, ass et wichteg dat d'Gemeng sech d'Moyenen gëtt fir besteeënd Flächen am PAG als BEP Zonen auszeweisen oder néier opzehuelen. Ouni dës Flächen kënnen Projet wéi eng nei Tennishaal, néi Bureauen fir d'Gemengenservicer, néi Hallen fir ons technesch Servicer oder Kläranlag net ëmgesat ginn.

Als leschte Punkt begréissen ech als Member vun den Hesper Geschichtsfrënn, dat och eng hallef Millioun fir d'Transformatioun vum Haus Baumert virgesinn ass. Et wier wënschenswäert wann déi an engem Joer als realiséiert Depense am Budget stoen géing. Weider Acquisitiounen hei ronderëm wieren ze begréissen.

Ech wëll zum Schluss awer och dem ganzen Gemengepersonal Merci soen, fir dat wat si all Dag am Déngscht vum Bierger leeschten.

Villmools Merci fir d'Nolauschteren.